PIRATEN
Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
26 SEP. 2019
1254

Lëtzebuerg, den 26/09/2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Interieur weiderzeleeden.**

Op der ESORICS 2019 Konferenz hunn 3 Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg eng Method virgestallt wéi biometresch Päss, déi op dem ICAO-9303-Standard baséieren, kënne benotzt ginn fir Beweegungsprofiler vun hire Besëtzer z'erstellen an dëst iwwert Distanze vu Meter amplaz e puer Zentimeter.

De genannte Standard war ursprénglech entworf ginn fir d'Privatsphäre vu Passbesëtzer beschtméiglechst ze schützen a Beweegungsprofiler onméiglech ze maachen.

D'Fuerscher vun der Uni Lëtzebuerg, méi präzis dem *Interdisciplinary Centre for Security, Reliability and Trust (SnT)* hunn elo awer eng Method fonnt, wéi een e Pass op e puer Meter Distanz erkennen a suivéiere kann, och wann se d'Daten vum Pass selwer net liese konnten. Trotzdeem entsteet domadder d'Méiglechkeet, datt e Pass op gréisser Distanz benotzt ka ginn fir Beweegungsprofiler z'erstellen, respektiv dës kënne mat aneren Donnéeën ze verknäppen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass den Ausseministère a Kenntnis vun dësem Fuerschungsergebnis?
   - Wa jo, zanter wéini an duerch wien?

2. D'Fuerscher soen an der Pressematdeelung:

   > The team of researchers shared their test results with ICAO in **June 2019.** They also outlined several approaches for restoring privacy protection, based on the assumption that the manufacturers of e-passport readers must take responsibility for ensuring privacy protection of passport holders.

   Wéi eng Konsequenzen huet d'ICAO zanter dem Juni aus dëse Resultater gezunn?

3. D'Identitéitskaarten zu Lëtzebuerg si jo och biometresch a beinhalten deelweis RFID Chips. Kann d'Madamm Inneministesch ausschléissen, datt déi selwecht Vulnerabilitéit och bei dëse besteet?
   - Falls nee, wéi eng Pläng huet de Ministère fir dëse Problem ze behiewen?

4. Wéi eng Pläng huet den Ausseministère fir dëse Risiko fir Reesender mat lëtzebuergesche Päss ze limitéieren a kuerzfristeg z'eliminéieren?

5. Wéi positionnéiert sech d'Regierung zur Ausso vun de Fuerscher an der

PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Pressematdeelung wou sie soen:

> In Europe, such a security breach likely violates requirements from the EU data protection framework. Governments have the responsibility to protect individual privacy and to ensure that official documents are bulletproof against such attacks.

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 26 septembre 2019

Objet : Question parlementaire n° 1254 du 26.09.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Sécurité du passeport biométrique

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés